N°518
Entrée le 15.04.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère du Travail

**Réponse du ministre du Travail à la question parlementaire n° 518 de Monsieur le Député Sven Clement**

**Ad. 1**

Dem Aarbechtsministère sinn keng Reklamatioune vu schwangere Salariéeën bekannt, déi sech iwwer de kuerze Delai vu 15 Deeg beschwéiert hunn. Et gëtt deemno momentan keng Pläng fir konkret Zuelen ze erhiewen.

**Ad. 2**

De Ministère plangt keng spezifesch Campagne iwwert dat Thema.

De Ministère ass nämlech der Meenung, dass aktuell genuch Informatiounen a Hëllefe betreffend d'Rechter vu schwangere Salariéeën disponibel sinn, wéi zum Beispill dëst :

- Op eng Rei Internetsäiten, wéi zum Beispill, 'Guichet.lu', 'csl.lu', 'itm.public.lu' a 'justice.lu', fënnt een schonn all déi néideg Informatioune zu der Protektioun vu schwangere Salariéeën.
- Schwanger Salariéeën, grad ewéi all aner Bierger, kënne dem Helpdesk vun der ITM uruffen, hinnen eng E-mail schécken oder bei déi verschidde Guicheten vun der ITM goen (Diekirch, Esch/Alzette, Strassen, Guichet Wiltz), fir sech iwwer hir Rechter am Aarbechtsberäich ze informéieren a sech beroden ze loossen. Dem Rapport d'activité vun der ITM vu 2022 no, goufen dat Joer 458 Dossier'en iwwer schwanger Salariéeën vun der ITM traitéiert.
- De Parquet général vun der Stad (an der Cité judiciaire) a vu Dikrech (am Palais de justice) assuréieren e "Service d'accueil et d'info juridique" a Form vun engem individuelle Entretien, dee vertraulech a gratis ass, dëst a ville Beräicher, inklusiv am Aarbechtsberäich.

**Ad. 3**

Déi genannte Fristen applizéieren sech am Kontext vun enger Ufro fir d'Kënnegung z'annuléieren, mam Zil fir d'schwanger Fra nees an de Betrib z'integréieren. D'Fristen goufen esou kuerz festgeluecht fir eng séier Reintegratioun vun der schwangerer Fra ze erliichteren an och fir se esou séier wéi méiglech aus der onsécherer Situatioun erauszehuelen.

Et muss ee wëssen, dass an deene meeschte Situatiounen, wou d' Salariéeën d'Nullitéit vun enger Kënnegung ufroe kënnen, de Delai vu 15 Deeg virgesinn ass, ausser bei der Kënnegung vun engem Personaldelegéierten, wou eng Frist vun engem Mount virgesinn ass (säit dem Gesetz vum 23. Juli 2015).

An deem Kader, huet d'europäescht Geriicht (Cour de justice de l'Union européenne, Affaire C-63/08, Urteel vum 29. Oktober 2009) an engem lëtzebuergesche Fall Zweiwel opgehuewen op de Delai vu 15 Deeg ze kuerz wier fir kënnen effektiv ze sinn an den national Geriichter et iwwerlooss z'analyséieren.

D'Verlängerung vun der Frist vun 15 Deeg wier deemno eng Manéier fir d'Rechter vun de schwangere Salariéeën ze stäerken, an e bessere Kënnegungsschutz virzegesinn. Et ass eng interessant Piste déi de Ministère ënnert d'Lupp wäert huelen.

Luxembourg, le 15 avril 2024

**(s.) Georges MISCHO**
**Ministre du Travail**